**<u>Gemeng Rammerich</u>**

# Gemengerotssëtzung vum 13. Abrell 2023

## Dagesuerdnung:

1. Deliberatioun iwwer d’Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir se kënnen ze bebauen.
2. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vum PAP fir Terrainen an der Rue Principale zu RAMMERICH.
3. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vum PAP fir Terrainen an der Rue de Lannen zu HUESCHTERT.
4. Deliberatioun iwwer d’Reglement vun der Besetzung vun de Posten an der Schoul zu Kietscht.
5. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vum Lokalen Aktiounsplang “Logement” (PAL).
6. Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d’Aféiere vun engem Subside fir d’Proprietäre vu Gebaier fir d’Ariichte vu Sonnekollekteren.
7. Revisioun vum Taxereglement iwwer d’Kierfechtskonzessiounen op der Kierfechter vun der Gemeng Rammerich.
8. Revisioun vum Reglement iwwer d’Tariffer fir d’Aushiewe vun de Griewer an d’Begruewe vun Urnen op de Kierfechter vun der Gemeng Rammerich an iwwer d’Begruewen an d’Verstreeë vun den Äschen um Bëschkierfecht.
9. Deliberatioun iwwer d’Schafe vun engem Posten an der Lounkategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratioun, am Statut vun engem Gemengefonctionnaire.
10. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun engem Zousaz beim Kollektivvertrag vun de Gemengenugestallte fir manuell Aarbechten am Déngscht vun der Gemeng.
11. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun de Konventioune fir d’SEA (Services d’Éducation et d’Accueil pour Enfants) fir d’Joer 2023.
12. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vu verschiddenen notariellen Akten.
13. Deliberatioun iwwer d’Ëmklasséiere vun enger Parzell an der Rue de Schwiedelbrouch zu RAMMERICH aus der ëffentlecher Gemengeproprietéit an déi privat Gemengeproprietéit.
14. Deliberatioun iwwer d’Nummeréierung vun de bestoenden Haiser an der kierzlech benannter Strooss Rue Fernande Brachmond zu BILSCHDRËF.

15. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Kontrakt iwwer d'Liwwerung vu Béier fir de Centre Culturel a fir d'Buvette zu RAMMERICH.
16. Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun de Fonctionnements-Subside fir d'Veräiner an Associatiounen a verschiddene Cotisatiounen.
17. Deliberatioun iwwer d'Allocatioun vun engem ausseruerdentleche Subsid.
18. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.
19. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu Gemengerecetten.
20. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.
21. NET ËFFENTLECH SËTZUNG: Revisioun vun der Deliberatioun iwwer déi definitiv Ernennung vun engem Gemengebeamten.

## Un der Sëtzung huelen deel:

Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Marie-Louise Kettel (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP).

Entschëllegt: /

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) deelt mat, datt e weidere Punkt op d'Dagesuerdnung gesat gëtt, an zwar d'Geneemegung vum Reglement iwwer d'Lizenzjuegd an der Forêt d'Anlier, déi als 21. Punkt op d'Dagesuerdnung gesat gëtt, woumat d'Conseilleren all d'Accord sinn.

## 1. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir se kënnen ze bebauen.

Mat der Opdeelung vun engem Terrain vun 9,30 Ar op Nr. 9 an der Rue de Grevels zu Rammerich op dräi Parzelle sinn all Conseilleren averstanen.

## 2. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vum PAP fir Terrainen an der Rue Principale zu RAMMERICH.

De PAP fir Terrainen op der Kräizung Rue Principale (N23) / An der Huel zu Rammerich, deen de Bau vun dräi Haiser mat engem Sous-Sol, engem Rez-de-Chaussée an engem éischten an zweete Stack virgesäit, gëtt eestëmmeg definitiv geneemegt.

## 3. Deliberatioun iwwer déi definitiv Geneemegung vum PAP fir Terrainen an der Rue de Lannen zu HUESCHTERT.

An der Rue de Lannen zu Hueschtert gesäit e PAP an enger Wunnzon de Bau vun 10 Wunnhaiser fir. Och dësen Eenzel-Ariichtungsplang gëtt definitiv unanime ugeholl.

## 4. Deliberatioun iwwer d'Reglement vun der Besetzung vun de Posten an der Schoul zu Kietscht.

D'Reglement vun der Besetzung vun de Posten an der Schoul zu Kietscht gesäit vir, datt zum Ufank vum Schoujoer all Poste vum Cycle 1 bis Cycle 4.1 als vakant deklaréiert ginn, sou datt d'Schoulpersonal an der Reiefolleg vun hirer Anciennetéit an der Gemengeschoul sech jee no hirer Qualifikatioun hir Klass kann aussichen.

All Léierpersoun huet d'Prioritéit fir hir Klass am zweete Joer vun engem Cycle weider ze halen.

Weider ginn am Reglement d'Klassestonne festgehalen an am Fall vun Onstëmmegkeeten decidéiert de Gemengerot am Kader vun der Schoulorganisatioun.

Och dëst Reglement gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 5. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Lokalen Aktiounsplang "Logement" (PAL).

Am Kader vum Pacte Logement 2.0 sinn d'Gemenge gehalen, e lokalen Aktiounsplang auszeschaffen fir engersäits déi aktuell Situatioun festzehalen, eng Evaluatioun ze maachen an d'kommunal Objektiver ze definéieren.

Dësen Aktiounsplang gouf schonn an enger Aarbechtssëtzung diskutéiert an ausgeschafft a gëtt elo eestëmmeg ugeholl.

## 6. Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d'Aféiere vun engem Subside fir d'Proprietäre vu Gebaier fir d'Ariichte vu Sonnekollekteren.

De Klimaberoder Stéphane Devillet vum Réidener Kanton weist drop hin, dat Privatleit aktuell beim Ariichte vu Sonnekollekteren, déi net vun engem

Festpräis beim Aspeisen an d'Netz profitéieren, eng staatlech Bäihëllef vun 62,5% kréien, a vun der Gemeng 50% vun der staatlecher Bäihëllef, sou datt si insgesamt 93,75% u finanzieller Hëllef kréien. Dat hätt dozou gefouert, datt verschidden Entreprisen exzessiv Devisen géifen ausstelle well d'Leit jo nëmme 6,25% musse selwer bezuelen. Duerfir gëtt proposéiert, fir d'kommunal Bäihëllef vum 1. Juli un op 25% vum staatleche Subsid ze reduzéieren.

Well awer op där enger Säit eng konkordant Deliberatioun fir de Réidener Kanton méiglech ass, well jo och aner Gemengen heivu betraff sinn, schléit d'Schäffin Myriam Binck (CSV) vir, fir déi eege Mesure bäizebehalen. Och d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) weist drop hin, datt scho verschidde Leit entspriechend Virbereedunge gemaach hunn an och déi aner Conseilleren gesinn e falscht Signal doran, fir d'Bäihëllef erofzesetzen, sou datt de Gemengerot eestëmmeg der Meenung ass, fir den aktuelle Subsid vu 50% bäizebehalen.

## 7. Revisioun vum Taxereglement iwwer d'Kierfechtskonzessiounen op der Kierfechter vun der Gemeng Rammerich.

Op Wonsch vum Inneministère gëtt d'Taxereglement iwwer d'Kierfechtskonzessiounen op de Kierfechter vun der Gemeng Rammerich an deem Sënn preziséiert, datt dës Tax als Recette an de Budgetsartikel 2/626/741000/99001 ageschriwwe gëtt mam Vermierk, datt dës Sue fir d'Ennerhalungskäschte vun de Kierfechter genotzt ginn.

Dës Ännerung gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 8. Revisioun vum Reglement iwwer d'Tariffer fir d'Aushiewe vun de Griewer an d'Begruewe vun Urnen op de Kierfechter vun der Gemeng Rammerich an iwwer d'Begruewen an d'Verstreeë vun den Äschen um Bëschkierfecht.

Aus deene selwechte Grënn gëtt hei de Budgetsartikel 2/626/706200/99001 agesat mam Vermierk, datt dës Suen als Beitrag fir d'Käschte vun dësem Service ze verstoe sinn.

Och domat sinn all Conseilleren averstanen.

## 9. Deliberatioun iwwer d'Schafe vun engem Posten an der Lounkategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratioun, am Statut vun engem Gemengefonctionnaire.

Eestëmmeg ass de Gemengerot mam Schafe vun engem Posten an der Lounkategorie B, Loungrupp B1 averstanen am Kader vum Engagement vun engem Successeur vum Gemengesekretär.

## 10. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Zousaz beim Kollektivvertrag vun de Gemengen-Ugestallte fir manuell Aarbechten am Déngscht vun der Gemeng.

Réckwierkend op den 1. Januar 2023 ginn am Kollektivvertrag vun de Gemengen-Ugestallten fir manuell Aarbechten an den Artikele 4.1 a 4.2 zousätzlech "Arbeitnehmer mit Technikerdiplom im ausgeführten Handwerk oder gleichwertiger Qualifikation" an der Karriär E bäigesat.

Domat ass de Gemengerot eestëmmeg averstanen.

## 11. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun de Konventioune fir d'SEA (Services d'Éducation et d'Accueil pour Enfants) fir d'Joer 2023.

D'Konventioune mam Staat an "arcus Kanner, Jugend a Famill a.s.b.l." am Kader vum Fonktionnement vun de Services d'Éducation et d'Accueil pour Enfants fir d'Joer (Maison Relais De Jhangeli an d'Crèche Butze Jhangeli) fir d'Joer 2023, bei deenen de Staat 75% an d'Gemeng 25% vun de Fraise vun 2.522.972,00€ resp vun 1.112.341,00€ iwwerhëlt, ginn eestëmmeg ugeholl.

## 12. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddenen notariellen Akten.

Mat engem notariellen Akt tauscht d'Famill Kettel eng Plaz vun 1,57 Ar mat der Kadasternummer 244/1697 an der Rue Abbé Neuens zu Bilschdref géint eng Parzell vu 7 m$^2$ vun der Gemeng Rammerich mat der Kadasternummer 244/1700 an der Rue Abbé Neuens zu Bilschdref. D'Gemeng bezilt der Famill Kettel eng Soulte vu 750 € fir de Wäertënnerscheed vun den Terrainen. D'Conseillère Marie-Louise Kettel (LSAP) ass net bei dëser Diskussioun an Ofstëmmung am Sall.

Den Här an d'Madamm Guy Seil-Reinardt verkafen der Gemeng Rammerich mat dësem notariellen Akt eng Wiss vun 22 Ar mat der Kadasternummer 1306/4851 "In der Grendel" zu Houltz fir de Präis vu 5.500 €.

Mat engem weideren notariellen Akt tauscht den Här Marc Rob Bëscher vun 8 Ar, 19 Ar an 8 Ar, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Rammerich ënner den Nummere 474/2175, 475/2634 an 474/2174 "op der Lann" géint eng Plaz vu 35 Ar, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Rammerich ënnert der Nummer 371/2701 op der Plaz "Wald".

D’Kongregatioun vun de Franziskanerinne verkeeft der Gemeng Rammerich duerch en notariellen Akt e Wunnhaus op 22, rue Principale zu Rammerich op engem Terrain vun 33,02 Ar ënnert der Kadasternummer 907/3442 an eng Wiss vun 0,95 Ar mat der Kadasternummer 906/3408 och an der Rue Principale zu Rammerich zu engem Präis vun 2.200.000 €.

Dëse Kaf geschitt am ëffentlechen Interessi fir d’Erhale vum gebaute Patrimoine am Zentrum vu Rammerich.

Mat engem notariellen Akt verkeeft d’Gemeng Rammerich der Stëftung Franz vun Assisi e Wunnhaus, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Rammerich, 2, rue des Alliés zu Kietscht op engem Terrain vun 20 Ar mat Akerland vun 92,68 Ar zu engem Präis vun 2.219.600 €.

Dës Akte gi mat de Stëmme vun alle präsente Conseilleren ugeholl.

## 13. Deliberatioun iwwer d’Ëmklasséiere vun enger Parzell an der Rue de Schwiedelbrouch zu RAMMERICH aus der ëffentlecher Gemengeproprietéit an déi privat Gemengeproprietéit.

Eestëmmeg aferstan sinn d’Conseillere mat der Ëmklasséierung vun enger Parzell vun 0,71 Ar an der Rue de Schwiedelbrouch, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Rammerich ënnert der Nummer 554/2693 aus der ëffentlecher Gemengeproprietéit an déi privat Gemengeproprietéit.

## 14. Deliberatioun iwwer d’Nummeréierung vun de bestoenden Häiser an der kierzlech benannter Strooss Rue Fernande Brachmond zu BILSCHDRËF.

D’Häiser an der Rue Fernande Brachmond zu Bilschdrëf gin op der lénker Säit vum Riesenhafferwee aus mat den ongerueden Zifferen 1 an 3 nummeréiert, an op der rietser Säit mat de gerueden Zifferen 2, 4, 6, a.s.w.

## 15. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun engem Kontrakt iwwer d’Liwwerung vu Béier fir de Centre Culturel a fir d’Buvette zu RAMMERICH.

An engem Kontrakt mat der Brauerei Mousel-Diekirch ginn d’Konditioune festgeluecht, no deenen d’Brauerei dat exklusiivt Recht kritt, fir Béier an de Centre Culturel zu Rammerich an an d’Buvette vum FC Rammerich ze liwweren.

Dëse Kontrakt huet eng Lafzäit vun aacht Joer ab dem 1. Mäerz 2023.

Domat sinn all Conseilleren d’Accord.

## 16. Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d’Festleeë vun de Fonctionnements-Subside fir d’Veräiner an Associatiounen a verschiddene Cotisatiounen.

Op Ufro vun der A.s.b.l. EMF (Éisleker Metalfrënn) (Promotioun vu Rock a Metal-Musek) gëtt des Associatioun op de Listing vun de lokale Veräiner gesat a kritt e Subsid vu 400 €.

## 17. Deliberatioun iwwer d’Allocatioun vun engem ausseruerdentleche Subsid.

Bei Geleeënheet vum 40. Schlassfest vum Roude Kräiz Kolpech proposéiert de Schäfferot fir hei en ausseruerdentleche Subsid vun 250 € ze accordéieren, woumat all Conseilleren averstane sinn.

## 18. Deliberatioun iwwer d’Confirmatioun vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.

Wéinst dréngenden zäitlech begrenzten Ännerunge gi folgend Verkéiersreglementer nodréiglech eestëmmeg approuvéiert: Wéinst Gruef- an Uschlossaarbechten an der Rue du Lac zu Ueschdrëf gëtt de Verkéier tëschent dem Haus 2A an dem Haus 28 an der Rue du Lac vum 18. Mäerz bis 28. Abrëll mat Luuchte gereegelt. Wéinst Aarbechte bei den Haiser 57A, 57B a 57C an der Rue Principale zu Wolwen ass hei eng Spur an den Trottoir vum 4. Abrëll bis de 27. Juli blockéiert an der Verkéier gëtt mat Virfaartsschëlter gereegelt. Wéinst Gruef- an Uschlossaarbechten ass an der Rue Haute zu Pärel bei den Haiser 2 bis 4 eng Spur blockéiert an den Trottoir gespaart an de Verkéier gëtt vum 4. Abrëll bis 14. Abrëll mat Virfaartsschëlter gereegelt. Wéinst Gruef- an Uschlossaarbechten an der Rue du Lac zu Ueschdrëf ass d’Strooss tëschent dem Haus 5 an dem Haus 5D an der Rue du Lac vum 3. bis de 14. Abrëll gespaart.

## 19. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vu Gemengerecetten.

Eng Rëtsch Gemengerecette gi vun de Conseilleren ënnerschriwwen.

## 20. Äntwerten op d’Froen un de Schäfferot.

Op schrëftlech Ufro vun den LSAP-Conseilleren nom Organigramm vum Gemengepersonal vum technische Service äntwërt de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV), datt dësen dem Gemengerot elo virläit.

Zur Fro, wien d’Hausaufgabenhëllef an der Maison Relais assuréiert an ob dës Leit eng speziell Formatioun kruten, äntwërt d’Schäffin Myriam Binck (CSV), datt fir d’Hausaufgabenhëllef doheem och keng eege Formatioun

noutwendeg ass, an datt an der Maison Relais d'Personal de Kanner déi noutwendeg Erläuterungen a Motivatioun gëtt, mee datt et sech hei net ëm Nohëllefstonne géif handelen. Problematesch wir et, wann d'Kanner net wëllten, oder nëmme schwéier ze motivéiere wieren, d'Hausaufgaben ze maachen amplaz spilen ze goen.

Zu enger futtisser Bänk am fréiere Schouhaff zu Bilschdrëf hält de Buergermeeschter fest, datt doru geschafft géif ginn. Hien erënnert d'Conseilleren nach eng Kéier drun, an esou Fäll dach direkt dem technesche Service Bescheed ze soen, fir datt direkt eppes kann ënnerholl ginn.

Zu der defekter Toilette op der Rammericher Busgare, un däer e Schëld soll op Vandalismus higewisen hunn, deelt de Buergermeeschter matt, datt dës Toilette, déi nëmme fir d'Buschauffeure virgesin ass, gefléckt ass, an d'Schäffin Myriam Binck weess och vu kenger Reklamatioun an deem Kontext.

## 21. Reglement iwwer d'Juegd-Lizenzen an der Forêt d'Anlier.

Wëll d'Reglement, dat d'Juegd iwer Afschosslizenze regelt, eréischt op der Gemeng ukoum wéi d'Setzung schon aberuff war, ass dëse Punkt nodréiglich bäigesaat ginn. Et gëtt duerwéinst vu verschiddene Conseillere bemängelt, dass nitt genuch Zäit war fir all Dokumenter duerchzeliesen. D'Reglement muss awer an dëser Sëtzung ofgestëmmt gi well d'Juechtlizenze schon am Mee versteet solle ginn.

Dëst Reglement hält d'Konditioune fest, no deene Leit mat engem wallounesche Juegdschäin an déi an enger vun deenen 8 Gemenge wunnen, wärend zwou Wochen an der Forêt d'Anlier kënnen op festgeluechten Déieren op d'Juegd goen an och un zwou Klappjuegten kënnen deelhuelen. D'Reglement gëtt eestëmmeg approuvéiert.

## 22. NET ËFFENTLECH SËTZUNG: Revisioun vun der Deliberatioun iwwer déi definitiv Ernennung vun engem Gemengebeamten.

An enger net ëffentlecher Sëtzung hun d'Conseilleren iwwer d'Revisioun vun der Deliberatioun iwwer déi definitiv Ernennung vun engem Gemengebeamten diskutéiert.